Amicale des Anciens Prisonniers et des Familles de Disparus de Natzweiler – Struthof
(Association sans but lucratif, R.C.S. Luxembourg F2442)
AMICALE NATZWEILER - STRUTHOF
President: Pierre HUSS, 31, rue de Christnach, L-7680 Waldbillig, Tel. 621120106
Sekretariat: Lex HUSS, 8, Huelewee, L-7651 Heffingen, Tel. 621790101
Homepage: www.amicale-natzw.lu
E-Mail: info@amicale-natzw.lu

Hiefenech, den 25.01.2020

Compte-Rendu Assemblée Générale 19.01.2020

D'Assemblée Générale ordinaire gouf per Circulaire den 27.12.2019 un all Member angeruff.

Um 12:00 Auer war d'Iessen am Parc Hotel Alvisse

Présents:
Pierre HUSS, président,
Lex HUSS, secrétaire,
Gaston RATHS, trésorier,
Marcel EWERS, membre,
Françoise Flesch, membre,
Arthur HOFFMANN, membre,
PETRY-Huss Juliette, membre,
Paul WELTER, membre.
Excusé: Gaston SCHUTZ, vice-président

1. **Gemeinsamt Iessen um 12:00 Auer (24 Memberen sinn présent), duerno Foto vum Luxemburger Wort fir en Artikel an der Zeitung**

2. **Assemblée générale ordinaire huet um 14:00 Auer ugefangen**

Punkt 1: Den President Pierre HUSS begréisst d'Memberen, an weist sech zefridden, dat souvill Leit do sinn.
Eng Schweigeminutt gouf uschléissend fir eis verstuerwen Memberen ageluecht.

Punkt 2: Rapport d'activités vum Joer 2019 duerch den Lex HUSS (siehe Annexe 1, 29 Aktivitéiten). Bäi dem Comité International Natzweiler-Struthof gëtt et keng Nouvellen, en ass no der gemeinsamer Feier am September zimlech inaktiv ginn.

Punkt 3: Den Trésorier Gaston RATHS huet dunn Konten virgestallt, d'Amicale huet zum 31.12.2019 7.197,42€ gehat. Doduerch ass den Netto-Gewënn vun 2019 op 906,23€ ze bezifferen (Annexe 2)

Punkt 4: D'Keessekontrolleren Jean-Pierre PLETSCH a Jerry HUSS hunn d'Kees kontrolléiert, an hunn konnten bestätegen, dass d'Konten finanziell Situatioun vun der Amicale reflektéieren, an huet d'Décharge vum Trésorier ugefrot, déi dunn och vun der AG accordéiert gouf.

Punkt 5: Décharge vum Trésorier souwéi vum Comité gouf vun der AG ugeholl.

Punkt 6:

Den Här Gaston RATHS war op eegenen Wonsch sortant, an net méi rééligible. Den Här Jean-Jacques SIEDLER gouf per Acclamatioun an den Comité gewielt. D'Memberen (an alphabetescher Reihenfolg):

a. EWERS Marcel
b. FLESCH Françoise
c. HOFFMANN Arthur
d. HUSS Lex
e. HUSS Pierre
f. PETRY-HUSS Juliette
g. SCHUTZ Gaston
h. SIEDLER Jean-Jacques
i. WELTER Paul

Bai den Keessekontroller ass keen Changement.

Punkt 7:

D'Rees op Natzweiler 2020 gouf vun der AG op 1 Dag fest geluecht, nodeems mir 2 Joer hannerteneen 2 Deeg do waren. Natirlech ass och den 19. Mee zu Déifferdeng och dëst Joer nees.

Punkt 8: Fräi Aussprooch, Verschiddenes:

a. De Sekretär verdeelt d'Statuten, sou wéi se 2019 gestëmmt goufen a duerno och am RCS agedroen goufen. Zousätzlech verdeelt hien "D'Kommerode vum KZ", en Lidd aus dem KL Natzweiler vum Januar 1944, mat engem Text vum Ed Barbel (Annexe 3).
b. Den Här Nico Thill kritiséiert politesch Entwéckelungen am Land, notamment riets Stréimungen
c. Den Här Etienne Kleyr bedauert, datt an der Schoulen Nationalhymne net méi géing geléiert ginn, souwéi net méi genug iwwert den zweeten Weltkrich.

D'Assemblée générale ordinaire gouf dunn um 15:55 zougemach.

Am Numm vum Comité, de Sekretär *Lex Huss*